N°4609
Entrée le 20.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4609 vum 11. August 2026 vun den honorabelen Deputéierte Madamm Taina Bofferding an Här Mars Di Bartolomeo.

*1. Wie weit sinn d'Aarbechte fortgeschratt fir, le cas échéant, dat neit groussherzoglecht Reglement am Hierscht a Kraaft ze setzen? Ass séchergestallt datt kee Vide juridique entsteet?*

Déi zwee groussherzoglecht Reglementer sinn um Instanzewee nodeems d'Projeten vum Regierungsrot den 17. August ugeholl goufen.

*2. Wat sinn d'Differenze par Rapport zur aktueller Konventioun? Wat fir Konsequenze erginn sech fir Dokteren? Wat fir Konsequenzen wäert dëst fir d'Patiente mat sech bréngen?*

Et gëtt keng Differenze par Rapport zur aktueller Konventioun.

All Dispositiounen déi obligatoresch mussen an enger Konventioun virgesi sinn an déi an der aktueller Konventioun dra stounge sinn iwwerholl ginn.

Weder fir de Patient nach fir den Dokter wäert sech eppes spierbar änneren.

*3. Si weider Entrevuen tëschen der Ministesch an der AMMD, respektiv tëschen der Regierung an der AMMD virgesinn?*

D'Aarbechten, ënner anerem an de verschiddenen Aarbechtsgruppe, gi bei der Rentrée virugefouert, dat souwuel um technesche wéi och um politeschen Niveau.

*4. Kann d'Ministesch bestätegen, datt och d'Fédération luxembourgeoise des Laboratoires d'Analyses Médicales (FLLAM) hir Konventioun mat der CNS integral gekënnegt huet?*

D'Fédération luxembourgeoise des laboratoires d'analyses médicales (FLLAM) huet hier Konventioun mat der Gesondheetskeess (CNS) gekënnegt. Dat gouf am Journal officiel, Mémorial A 358 vum 17. Juli 2026 publizéiert. Do hunn éischt Gespréicher tëschent der FLLAM an der CNS de 27. Juli ugefaangen.

*5. Wéini gedenkt d'Ministesch d'Chamber iwwert déi wieder Evolutiounen an dësem Dossier ze informéieren?*

D'Ministesch steet dem Éischte Pouvoir an dëse wéi och an allen anere Froe wéi gewinnt zur vollster Dispositioun.

Lëtzebuerg, den 20. August 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez